LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 28 août 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 AOUT 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°936 du 22 juillet 2019 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la problématique des trains supprimés, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n° 936 vum 22. Juli 2019 vum Här Deputéierte Jeff Engelen

A senger parlamentarescher Ufro wollt den Här Députéierte Jeff Engelen sech iwwert d'Ursaache déi zu Zichausfäll féieren informéieren.

1) Déi genee Ursaache vun de personaltechnesche Problemer déi zu Zichausfäll féiere sinn éischtens d'Feeleren déi d'Personal eventuell mécht an d'Verspéidungen vum Personal oder d'Ofwiesenheet vum Personal.

2) Am Joer 2018 sinn duerch dës Grënn 3,4% vun den Zich ausgefall, also genau 309 Zich. Dat mécht manner wéi een pro Dag.

3) a) Wat d'mënschleche Feeler betrefft schafft d'CFL dorunner déi weiderhin ze vermeiden, mat zum Beispill Formatiounen op der enger Säit an um Niveau vun der Digitaliséierung op der anerer Säit.

   Am Fall vun engem Feeler vun engem Agent gëtt eng detailléiert Analyse duerchgefouert a een perséinlecht Gespréich gefouert tëscht dem Agent an dem Superieur fir déi entspriechend Moossnahmen ze definéieren.

   Verschidde Digitaliséierungsprojeten sollen hëllefen, Zichausfäll déi duerch den mënschleche Faktor virkommen ze reduzéieren, wéi z.B: den Railtab, eng Tablette déi fir de Fuerpersonal an den PAT (personnel d'accompagmenet de train) geduecht ass, sou dat d'Betzribsprozedure vereinfacht an méi praktesch fir d'Personal sinn.

   b) Klassesch Ofwiesenheeten duerch Krankheeten ginn dagdeeglech traitéiert. E performante Reserve System ass ageriicht a wann et net duer geet, dann gi Programmännerungen gemaach oder Personal zeréckgeruff. D'Prozeduren a d'Flexibilitéit vun den CFL Mataarbechter erméiglechen et déi meeschten Absencen ze ersetzen. Trotzdeem, am Fall vun Epidemien zum Beispill Grippe, wann dann 4-5 Aarbechter sech fir den Aarbechtsdag zesumme krankmellen, kann et zu personellen Engpäss mat Zichausfäll kommen.

Am Fall wou d'Personal ze spéit schaffen kennt, ginn disziplinär Moossnahmen getraff.